PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 JAN. 2020
1655

Lëtzebuerg, den 03/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Am Kader vun den agefouerten iPads hunn ech dem Bildungsminister schonns e puer Froe gestallt. Eng weider Fro, déi sech stellt, ass déi, wat mat den Tablette geschitt, nodeems se am Bildungsministère ausgedéngt hunn. An der Äntwert op meng Fro n°617 schreift de Minister

> D'Ziil ass, d'Notzung vun den iPads esoulaang wéi méiglech ze verlängeren. Et ass ugeduecht datt, no enger Notzung an de Schoule vu véier Joer, déi Apparater déi nach gutt fonctionnéieren, weiderhi kënnen agesat ginn, andeems se fir e gerénge Prais u Schüler verkaf ginn oder un Associatioune verdeelt ginn. Déi Apparater déi net méi fonctionnéieren ginn fachgerecht entsuergt a recycléiert.

Effektiv ass et esou, dass d'Schüler den iPad op Basis vun engem Forfait lounen. No e puer Joren huet de Schüler dann d'Méiglechkeet, den iPad zum Reschtwäert ofzekafen a fir de private Gebrauch ze benotzen. D'Schüler hunn awer och d'Optioun, den iPad net ofzekafen, woubäi d'Gerät dann am Besëtz vum Bildungsministère bleift.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. De Minister rechent mat enger Liewensdauer vu ronn 4 Joer bei de meeschten iPads. Heescht dat, dass ee Schüler wärend senger Schoulkarriär nom aktuelle System all 4 Joer een neien iPad kritt, falls säin aktuellen iPad net méi funktionéiert? Wéi eng Krittäre gi fir de Fonctionnement vun der Tablette a Betruecht gezunn?

2. Eng Schoulkarriär dauert, ouni d'Widderhuele vu verschiddene Cyclen, ronn 15 Joer. Falls d'Liewensdauer pro iPad 4 Joer bedréit, bedeit dat, dass ee Schüler wärend senger Schoulkarriär bis zu véier nei iPads vum Ministère verleast kritt? Falls dëst zoutrëfft, stellt dës Praxis fir de Minister eng nohalteg Prozedur duer?

3. Ass fir all Schüler wärend senger Schoulkarriär virgesinn nëmmen ee Mol vun der "Leasingoffer" fir iPads kënnen ze profitéieren? Falls nee, wéi wëll de Minister verhënneren, dass d'Schüler ëmmer ërem nei iPads leasen aplaz se ofzekafen?

Mat déiwem Respekt,

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1655 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Wann e Schüler 4 Joer hannereneen op enger iPad-Klass ass, behält hie 4 Joer laang dee selwechten Apparat. Am Fall vun engem Defekt gëtt den Apparat duerch en iPad vun där selwechter Generatioun ersat (Modell a Joergang). Bleift de Schüler no 4 Joer weiderhin op enger iPad-Klass, esou gëtt den Apparat, falls en nach fonctionéiert, net géint en neien ausgetosch.

Eng Tablette huet de Status *"fonctionéiert"* esou laang wéi:

- den Akku nach normal luet;
- den Ecran net gebrach oder soss futti ass an;
- déi leschten Apple-iOS-Updates kënne ouni Problem gemaach ginn.

Ass de Schüler no 4 Joer net méi op enger iPad-Klass, kann hien den iPad zum Reschtwäert ofkafen. Mécht hien dat net, bleift den Apparat am Besëtz vum Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE). Dës Apparater kommen dann zum Deel:

- an d'Reserv, déi gebraucht gëtt fir defekt iPads duerch en identesche Modell vum selwechte Joergang ze ersetzen, oder
- an de Schoulen a sougenannten "iPad-Trolleys" zum Asaz. Et sinn dëst mobil iPad-Coffrete mat Luetstatioun, déi vun Net-iPad-Klassen kënne genotzt ginn. Esou kënnen dës mobil Apparater weider an Atelieren, Laboen, Bibliothéiken asw. agesat ginn.

**Ad 2)**

iPad-Klasse ginn et de Moment nëmmen am Enseignement secondaire, wat an der Reegel 7 Joer sinn. Ass e Schüler wärend senger ganzer Lycéeskarriär op enger iPad-Klass, kann hien am Prinzip 7 Joer dat selwecht Gerät benotzen. D'Erfarunge vun de leschte Jore weisen, datt en iPad duerchaus 7-8 Joer laang säin Déngscht ka leeschten, ouni mussen ersat ze ginn. Duerno ass dat Gerät dann awer net méi zäitgeméiss fir den Enseignement.

**Ad 3)**

De Leasingsmodell gesäit eng "reconduction tacite" vir, falls de Kontrakt net wëllentlech gekënnegt gëtt. Gëtt e bestoende Kontrakt gekënnegt, kann erëm en neien erstallt ginn:

- virausgesat d'Rechnungen, déi den ale Kontrakt betreffen, sinn all bezuelt, an
- no enger bestëmmter Karenzzäit.

Vun der Rentrée 2020/21 u kann eréischt no dëser Karenzzäit en neie Kontrakt vun der Schoul erstallt ginn. An deem Fall kann de Schüler just e Gerät vun der Generatioun (Modell + Joergang) vum viregte Kontrakt kréien, dëst fir ze verhënneren, datt d'Schüler sech e Sport draus maachen, fir all Joer en iPad vun der neister Generatioun ze kréien.

D'Ofkafen zum Reschtwäert fënnt kee groussen Uklang. Vun alle Kontrakter goufen iwwer déi lescht 4 Joer insgesamt knapp 2 Prozent zum Reschtwäert ofkaaft.